N° 8221
Entrée le 06.09.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 8221 vun den honorabelen Deputéierte Léon Gloden a Laurent Mosar**

D'Aussoe vun e puer fréiere CSEE-Mataarbechter si vu perséinlechen Erfarungen a subjektiven Opfaassungen an Interpretatioune gezeechent a kënnen op kee Fall als allgemeng Wourechten ugeholl ginn. Dës Aussoe kënne spezifesch Situatiounen, individuell oder och institutionell Konflikt- a Krisemomenter reflektéieren, awer sécher net déi alldeeglech Realitéit vun enger ganzer Institutioun. Et ass bedauerlech, datt esou d'Aarbecht an dëser Institutioun ofgewäert gëtt an datt jonk Leit, déi ënner de Jugendschutz gestallt ginn, esou stigmatiséiert ginn.

Et ass evident, datt intim Relatiounen tëschent Personal an enger sozialer Struktur an de Jonken, déi do betreit ginn, net akzeptabel sinn. An deem Fall, deen der Direktioun vum CSEE zougedroë ginn ass, huet d'Direktioun esouwuel disziplinaresch Mesuren ergraff, wéi och de Fall dem Parquet gemellt. Des Weideren huet d'Direktioun de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) iwwer dësen Tëschefall forméiert. De MENJE huet d'Direktioun an hiren Demarchen ënnerstëtzt a ka confirméieren, datt si hire Responsabilitéiten als Supérieur hiérarchique nokomm sinn. Déi honorabel Deputéiert wäerte mir zoustëmmen, datt d'Feelverhale vun enger Persoun net dierf als Verfeelung vun enger ganzer Institutioun gewäert ginn.

Wat d'Suchtproblematik ubelaangt, huet de CSEE kloer Prozeduren am Ëmgang mat Drogekonsum. An enger Struktur wéi dem CSEE, wou verschidde Jonker mat Suchtproblematiken ze kämpfen hunn, kann et leider ni ganz ausgeschloss ginn, datt ee Pensionnaire Droge bei sech dréit. Wann ee Jonke mat Drogen erwëscht gëtt, kuckt d'Personal selbstverständlech net ewech. Och d'Fouillen, déi zu de belaaschtenste Situatioune vun der Aarbecht am CSEE zielen, si gesetzlech kloer gereegelt (*Loi du 16 juin 2004 portant réorganisation du centre socio-éducatif de l'État*) a ginn no deene Reegelen a Prozeduren duerchgefouert. D'Mataarbechter si speziell fir dës Fouillë forméiert.

De CSEE huet eng ganz Rei Mesuren en place gesat, fir mat de Suchtproblematike vu verschiddene Pensionnairen ëmzegoen. Engersäits hëlt d'Personal vum CSEE ëmmer erëm u Weiderbildungen zum Thema Drogekonsum deel an ass extra geschoult fir mat Jonker mat enger Suchterkrankung ze schaffen. An der pädagogescher Aarbecht selwer setzt de CSEE dorop, de Jonken Handlungsalternativen ze ginn, fir de Besoin ze erfëllen, deen um Ursponk vun hirem Konsum ass. Sou léieren si zum Beispill, hir negativ Gefiller anescht ze reguléieren. An dëser Aarbecht schafft de CSEE enk mat externe Partner zesummen, déi ee spezifesche Suivi vu Jonke maachen, déi Drogen huelen. All Jonken, deen an d'Unité de sécurité (UNISEC) placéiert gëtt, mécht och bei senger Admissioun een Drogescreening.

Och an der Präventioun vun Drogekonsum ass de CSEE aktiv. Hei schafft de CSEE virun allem zesumme mat der Police, déi op Demande vum CSEE mat der Hondsstaffel kënnt fir Drogen, déi eventuell um Site vum CSEE verstoppt kéinte sinn, ze beschlagnamen. Natierlech ginn och all

Drogen, déi de CSEE sécherstellt, der Police gemellt an iwwerginn. Zudeem gëtt zanter e puer Méint och den Ausseberäich verstäerkt kontrolléiert.

Déi konzeptuell Ausriichtung vum CSEE leet de Fokus zanter enger Rei vu Joren op déi pädagogesch Ënnerstëtzung vu Jonken, déi dacks vill Schlëmmes erlieft hunn, traumatiséiert sinn an deelweis psychiatresch an aner gesondheetlech Problemer hunn, a geet esou ewech vun enger reng punitiver Approche, déi dacks nëmme kuerzfristeg Resultater liwwert. De MENJE ënnerstëtzt de CSEE voll a ganz bei der Ëmsetzung vun hirem Konzept. Wéi rezent international Etudë weisen, ass een traumaorientéierten a systeemeschen Usaz bei der Aarbecht mat hinnen deen Usaz, deen am meeschte Potential huet, nohalteg Verbesserungen am Liewe vun deene Jonken ze bréngen. Esou eng Approche verlaangt vun de Professionelle vill Feingefill an si sichen dacks d'Gespréich mat de Pensionnairen, fir mat hinnen zesumme Léisungen a Strategien ze entwéckelen fir zukünftegt onugepasstent Verhalen ze vermeiden. Datt d'Ëmsetzung vun dësem Konzept och beim Personal Zäit brauch, an datt et zu ënnerschiddlechen Opfaassungen innerhalb vum Personal kënnt, wéi ee soll mat dëse Jonken ëmgoen, ass een Deel vum dësem Changementsprozess, dee voll amgaang ass. Datt domat awer verstane gëtt, datt déi Jonk maachen kéinte wat se wëllen, respektiv ee Laissez-Faire-Stil reprochéiert gëtt, ass absolut inakzeptabel a falsch.

D'Direktioun vum CSEE ass drop beduecht, d'Sécherheet an d'Prise en charge vun deene Jonke kontinuéierlech un déi sech verännerend Situatiounen a Standarden unzepassen. D'Sécherheet an d'Kontrollen am CSEE entspriechen den internationale Standarde fir esou Institutiounen. Zousätzlech fanne Sécherheetsaudite vun auslänneschen Experte statt, op Basis vun deenen d'Sécherheetsstandare deene leschten internationalen Normen ugepasst ginn. Och de geplangten Ëmbau vun der UNISEC an ee Centre pénitentiaire pour mineurs am Kader vum Gesetzesprojet Nr. 7991 (Jugendstrofgesetz) soll den héchsten Standarde fir esou Strukturen entspriechen.

D'Direktioun bestätegt nach eng Kéier, datt de Mandat, deen hir vun de Justizautoritéiten uvertraut gouf, am beschten Interêt vun de jonke Leit ausgeüübt gëtt a berücksichtegt déi neiste Resultater aus der wëssenschaftlecher Fuerschung a puncto Ëmgang mat enger Noutsituatioun an/oder dem Risiko vu Jugendkriminalitéit am Aklang mat dem aktuelle legislative Kader zu Lëtzebuerg.

D'Direktioun an déi multidisziplinär Equippe vum CSEE sinn dorop ausgeriicht, fir e psychopedagogesche Kader opzebauen, deen déi Jonk engersäits mat hire Verfeelungen a Schwieregkeete konfrontéiert a si anerersäits op hir Ressourcen a Perspektiven hiweist.

Lëtzebuerg, de 6. September 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH